Kee Kulturkampf op Käschten vun de Kierchefabriken!

Pressematdeelung vum 30. August 2016

Et gëtt eng friddlech Method, fir politesch Divergenzen ze regelen, an et kann ee mam Kapp duerch d'Mauer goen. Dat ass de Gambia-Stil. An dat beweist Gambia alt nees mat hirer Art a Weis, fir mat enger ganzer Rëtsch vu Moossnamen d'Trennung vu Kierch a Staat duerchzebaatschen,, och wann domadder Gesetzer a rechtsstaatlech Prinzipien verletzt ginn. D'ADR ënnerstëtzt d'Kierchefabriken bei hirem Asaz fir Rechtsstaatlechkeet. Si wëll net, datt déi reliéis Communautéiten hei am Land, ënner dem Impuls vun dëser Lénksregierung, ëmmer méi an de gesellschaftlechen Abseits gedréckt ginn.

2017 sollen d'Kierchefabriken ofgeschaaft ginn an hire Besëtz an e Fong vum Äerzbistum iwwergoen. Dat ass eng Enteegnung, ouni d'Proprietairen emol zu Wuert kommen ze loossen. Wourop natierlech d'Federatioun vun de Kierchefabriken, de SYFEL, alles a Bewegung gesat huet, fir dat ze verhënneren. Si huet eng ganz Rëtsch stëchhalteg juristesch Argumenter, déi d'Virgoe vu Regierung an hire Verhandlungspartner a Fro stellen.

Och d'Gemengen gesinn d'Iddi fir e Kierchefong kritesch, wann och aus anere Grënn. Hei gëtt et haaptsächlech Zweifel drunn, datt esou grouss Verännerungen an esou kuerzer Zäit, also bis 2017, ze leeschte wären. Och gëtt et vill Onzefriddenhet mat der Konsultatiounsprozedur. Besonnesch wichteg ass, datt d'Intentioun vun der Regierung géing dorop eraus lafen, fir d'Gemengenautonomie ze ënnergruewen. De Banneminister mecht souguer Circulairen, ouni datt d'Gesetzer, op déi dës sech beruffen, scho gestëmmt gi wären. Rechtsstaatlechkett zielt fir dës Regierung ganz kloer net – Ideologie awer dofir ganz vill!

De Banneminister Dan Kersch wëll mam Kapp duerch d'Mauer - géint all juristesch Argumenter a géint all praktesch Bedenke vun de Gemengen. Dës Regierung féiert hire Kulturkampf decidéiert virun, well wat déi dräi Koalitiounsparteie verbënnt ass zu engem groussen Deel hire gemeinsame Kampf géint déi kathoulesch Kierch an déi Wäerter, déi si duerstellt. D'ADR wäert sech dogéint wieren, datt d'Kierchen herno als Restauranten an Discothéiken mussen hirhalen oder einfach ofgerappt ginn, wéi d'Kierch Notre-Dame des Douleurs zu Déifferdéng.

D'ADR ass mat där ondemokratescher, jo diktatorialer Manéier vun der Lénksregierung net d'accord. D'ADR ënnerstëtzt dowéinst den Engagement vum SYFEL an huet dat an der Chamber scho méi dacks betount. D'ADR wëll net, datt d'Reliounen ëmmer méi aus dem ëffentleche Raum verdrängt ginn an däitlech méi schlecht gestallt ginn, wéi z.B. kulturell oder sportlech Associatiounen. D'ADR ass iwwerzeegt, datt d'Kierchefabriken mat der kathoulescher Kierch eng Léisung fir déi organisationell Problemer fannen, déi sech hinne stellen. Awer et geet net, d'Kierchefabriken einfach opzeléisen.

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique **20, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg**